Réponse de Monsieur Félix BRAZ, Ministre de la Justice,
à la question parlementaire n° 644 du 17 avril 2019 de l'honorable député Jeff Engelen

De Groupement d'Intérêt économique Luxembourg Business Registers ('LBR') huet vun Ufank un als Gestionnaire vum Handelsregister ('RCS') vill Energie a Ressourcen investéiert fir d'Benotzer, ob professionell oder net professionell, an hieren Démarchen beim Handelsregister ze ënnerstëtzen.

Den Handelsregister war eng vun den éischten Institutiounen, wann net déi éischt, déi e komplette Service ugebueden huet, deen integral iwwer Internet gelaf ass.

Um Internet Portal vum LBR[1] fënnt een ausserdeem die komplett relevant Legislatioun, Brochuren an Circulaire mat Explikatiounen iwwer d'Démarchen die iwwer Internet kënne gemat ginn. Et soll awer hei präziséiert ginn, dass den Internet Site momentan iwwerschafft gëtt fir méi convivial ze ginn, virun allem fir de Benotzer deen nëmme geleeëntlech Démarchen beim Handelsregister muss maachen.

Donieft bidd de LBR eng telefonesch Assistenz an e Guichet fir déi Leit die Schwieregkeeten hunn mat elektronesche Prozeduren oder kee Computer besëtzen oder benotzen kënnen.

Wat d'Publikatiounen am Recueil électronique des sociétés et associations (RESA) ugeet, huet d'Gesetz vum 27 Mee 2016 eng Rei vun administrativen Erliichterungen erlaabt an gläichzäiteg eng Reduktioun vun de Käschte fir de Benotzer mat sech bruecht.

D'Bestëmmungen fir d'Presentatioun vun den Dokumenter déi beim Handelsregister déposéiert musse ginn, sinn an engem Règlement ministériel vum 27 Mee 2016 fest geluecht ginn. Dës Bestëmmungen sinn absolut néideg fir ze garantéieren dass d'Dokumenter och nach laangfristeg konsultéiert an archivéiert kënne ginn[2] a kënnen an dësem Sënn net verglach ginn mat Bestëmmungen die vu privaten Acteuren gesat ginn, déi net ähnlech Obligatiounen hunn.

2016 ass eng spezifesch Circulaire publizéiert ginn (Circulaire 16/001) fir d'Benotzer iwwer dës Bestëmmungen ze informéieren. Automatesch Kontrollen erlaben, zum Zäitpunkt wou een Dépôt elektronesch beim Handelsregister gemat gëtt, z'iwwerpréiwen ob déi Bestëmmungen agehalen gi sinn, an wann net, gëtt dat dem Benotzer matgedeelt.

Et muss awer hei präziséiert ginn dass déi elektronesch Démarchen mat all gängeg rezent elektronesch Plattform an gratis Programmen méiglech sinn.

Am Kader vum Iwwerschaffen vum Site Internet gëtt den Accent op d'Convivialitéit vum Site gesat, dee méi intuitiv soll ginn, a méi Explikatiounen um Site gi bäigesat.

Den LBR wäert am Zesummenhang mam neie Registre des Bénéficiaires Effectifs e Video en ligne sëtzen, wou spezifesch fir d'ASBL d'Démarchen erkläert ginn.

---

1 www.lbr.lu

2 D'Dokumenter musse mindestens bis zu 20 Joer nodeems eng Gesellschaft oder Associatioun gestrach ginn ass accessibel bleiwen